„Dann bekamen wir mehrere Anfragen von engagierten Leuten aus den Pfarreien, ob man keine Alternative anbieten könnte. Wir haben uns im Team beratschlagt und es kam die Idee auf, einfach von der Haustür aus zu klibberen", erzählt Tanja Konsbrück, Leiterin der Lëtzebuerger Massendénger.

Es sei natürlich nur ein Vorschlag, keiner sei gezwungen, daran teilzunehmen. Alle aber, die mitmachen wollen, sind dazu aufgerufen, sich an Karfreitag und Karsamstag jeweils um 8, 12 und 18 Uhr vor ihre Haustür zu stellen und eine Minute zu klibberen.

Tanja Konsbrück geht sogar davon aus, dass sich in diesem Jahr vielleicht nicht nur Kinder und Jugendliche an der Aktion beteiligen werden. „Eine Dame hat mir schon geschrieben, dass sie ihre alte Klibber wieder ausgekramt hat und in diesem Jahr auch mitmachen möchte", erzählt sie.

Und so besteht die Hoffnung, dass es über die Kartage doch ertönt „D'Moiesklack lett – stitt op, dir Lett. D'Mëttesklack lett – gudden Appetit, dir Lett. D'Owesklack lett – gudden Nuecht, dir Lett". So ruft man zumindest in Consdorf. Denn was genau gerufen wird, ist regional unterschiedlich.

In Vianden etwa heiße die Klibber „Scharp". „Am Karfreitag singen die Kinder mittags ‚Jaudes Jaudes, Spakkelduer, Iwermuer ass Usterdag', gefolgt vom lauten Scharpen", hat Tanja Konsbrück von einer Ortsansässigen erfahren.

In diesem Jahr können die Kinder nicht in Gruppen durch die Straßen ziehen – deshalb klibberen sie von zu Hause aus.
Foto: Lex Kleren

● *Et ass eng schéin Traditioun, fir de Leit am Duerf d'Ouschterzäit anzeleeden.*
Carole (18)

Erinnerung an Gebetszeiten

Allen Sprüchen gemein ist, dass sie an die Gebetszeiten erinnern. Eine wesentliche Aufgabe, wie Romain Richer, Sekretär der Liturgiekommission des Erzbistums, erklärt. „Es wird heute noch den Kindern erzählt, dass nach der Gründonnerstagsliturgie die Glocken nach Rom fahren, um dort zu beichten. Eine Glocke ist etwas Festliches. Und nach Gründonnerstag geht es um die Verhaftung, Kreuzigung und Grabesruhe. Das bedeutet Trauer, da kann man nicht feierlich läuten. Aber damit die Leute sich trotzdem daran erinnern, dass gebetet werden muss, und damit sie wissen, wann der Gottesdienst beginnt, wurden die Glocken ersetzt durch das Klibberen." Die Tradition stamme aus dem Mittelalter.

Und auch in Luxemburg blickt das Klibberen auf eine lange Geschichte zurück, wie Tanja Konsbrück betont: „Es ist bei uns Tradition, dass die Kinder durchs Dorf gehen. Aktuell wurde schon so vieles abgesagt. So kann man vielleicht wenigstens diesen kleinen Brauch aufrechterhalten. Es ist einfach wichtig für die Leute."

Ziemlich genau so sehen das auch die Kinder und Jugendlichen, die mitmachen. Theo (11) etwa erklärt: „Ech gi klibberen, fir den eelere Leit eng kleng Freed an dëser schwéierer Zäit ze maachen. Sou kënne si sech u fréier Zäiten zréckerënneren." Und Sophie (10) ergänzt: „Fir dass d'Leit wëssen, dass si net alleng sinn."

Auch die Familie spielt eine Rolle bei der Entscheidung für oder gegen das Klibberen. Gilles (10) erklärt, er gehe mit, weil sein Vater in seinem Alter auch schon mitgemacht habe. „Ech fannen et och flott, gutt Laun mat deenen anere Kanner ze verbreeden. A vill Leit ginn eis lecker Séissegkeeten." Die werden in diesem Jahr zwar vielleicht nicht ganz so üppig ausfallen, da die Kinder nicht von Haus zu Haus ziehen, aber dennoch haben bereits viele ihr Interesse am Klibbere vun Doheem bekundet.

Generell gefällt vielen Teilnehmern, dass man normalerweise in Gruppen unterwegs ist. „Ech, als Massdéiner, dee ganz gären an d'Mass geet, ginn, säit ech Massdéiner sinn, ëmmer mat klibberen. Ganz einfach, well et mir mega Spaass mécht, well fir eis als Massdéiner ass dat eng flott Aktivitéit zesummen. Mir maachen dat aus Traditioun a léieren eis och besser kennen", erklärt etwa Thomas (17). „Ech fannen, et gehéiert zum Massdéiner-Sinn einfach dobäi, an et markéiert e wichtege Moment am Kierchejoer", ergänzt Tiago (23). Nicht zuletzt wollen gerade auch ältere Messdiener die Tradition an die jüngeren weitergeben, wie der 20-jährige Patrick bestätigt: „Et ass eng flott Geleeënheet, fir sech ënnerteneen, och ausserhalb vun de Massen, ze gesinn an och eng al Traditioun, déi ech elo als Responsabele bäi den Eechternoacher Massdéiner versichen un déi nei Massdéiner ze vermëttelen."

Die Luxemburger Messdiener wollen diese besondere Klibberaktion gerne dokumentieren. Wer Fotos macht, kann diese an massendenger@cathol.lu schicken. Ein Formular für die Verwendung der Bilder und weitere Informationen gibt es im Internet unter https://web.cathol.lu/article8824.

---

62 Artikel aus „Lëtzebuerger Wort, 10.04.2020" Säit 21

28 Donnerstag, den 14. April 2022 Lokales Luxemburger Wort

„Mir gi klibberen“

An Karfreitag und Karsamstag lebt vielerorts eine alte Tradition wieder auf

Von Sophie Hermes

Luxemburg. An vielen Ortseingängen weisen aufgestellte Schilder Autofahrer derzeit darauf hin: In den kommenden Tagen sollten sie den Fuß vom Gas nehmen, denn vielerorts sind am Freitag und Samstag morgens, mittags und abends die Klibberkanner wieder unterwegs.

In den Tagen vor Ostern übernehmen sie traditionell die Arbeit der schweigenden Kirchenglocken. Dafür ziehen die Kinder – meist handelt es sich um die lokalen Messdiener sowie Kinder, die demnächst die Kommunion empfangen – dreimal am Tag mit ihren Ratschen, Raffeln, Knarren und hölzernen Klappergeräten durch die Dörfer und rufen lautstark „Mir gi klibberen“ sowie je nach Tageszeit abwechselnd „D'Moiesklack laut!“, „D'Mëttesklack laut!“ oder „D'Owesklack laut!“.

Nach getaner Arbeit ziehen sie dann an Ostersamstag zum Teil mit bunt geschmückten Karren erneut durch die Dörfer und sammeln Leckereien oder auch Kleingeld ein, das im Anschluss unter allen Teilnehmern aufgeteilt wird.

Eine alte Tradition

Das Klibberen blickt in Luxemburg auf eine jahrhundertealte Tradition zurück. Mit dem Klappern, Rattern und Rufen wollen die Kinder die Menschen zur Messe und zum Gebet aufrufen, wenn die Kirchenglocken, Orgeln und Altarschellen zwischen der Abendmesse am Gründonnerstag und dem Ostersonntag, in Erinnerung an die Leiden und den Tod Jesu, verstummen. Im Volksmund wird das Schweigen allerdings kinderfreundlich erklärt: So sollen die Glocken vor Ostern nach Rom fliegen, um dort den Osterjubel anzustimmen und vor dem Papst ihre Osterbeichte abzulegen.

Heutzutage hat die Tradition allerdings nicht mehr in allen Dörfern Bestand. Einigerorts wird gar nicht mehr geklibbert, anderenorts werden nur noch sehr wenige Teilnehmer gezählt. Auch die Pandemie und die damit einhergehenden Kontakteinschränkungen hatten in den beiden vergangenen Jahren dafür gesorgt, dass das Klibberen vielerorts ausfallen musste.

Autofahrer sollten unterdessen in den kommenden Tagen besonders vorsichtig sein und morgens, mittags sowie abends damit rechnen, dass in den Straßen und Gassen vermehrt junge Menschen unterwegs sind. Zu überhören dürften die Klibberkanner mit ihren hölzernen Klappergeräten jedenfalls nicht sein.



Diese Gruppe war mit ihren „Klibberen“ und „Jharren“ 1988 in Strassen unterwegs. Foto: Teddy Jaans/LW-Archiv

Das Klibberen beruht auf einer Jahrhunderte alten Tradition und soll Menschen zum Gebet aufrufen. Foto: Lex Kleren/LW-Archiv

[63] Artikel aus „Lëtzebuerger Wort, 14.04.2022“ Säit 28

[64]

D'Klibberkanner kommen

Et ass Kuerfreideg, 7 Auer moies: an de Stroossen héiert ee Stëmmen an duerno haarde Kaméidi. D'Klibberkanner sinn ënnerwee. Si ersetzen d'Laude vun de Klacken, déi een an den Deeg virun Ouschteren net héiert. Et gëtt gesot, d'Klacke géifen op Roum fléien an duerfir kéint een se onméiglech héieren.

A verschiddene Paren iwwerhuelen d'Massendénger dës Aufgab, an anere maachen sech Kanner, déi sech fräiwëlleg gemellt hunn op de Wee. Moies, mëttes an owes ginn si duerch d'Stroossen. Fir datt se vun all Mënsch gehéiert ginn, benotzen si eng Klibber. Dat ass e Briet mat engem Hummer aus Holz, dat hin an hier geschloe gëtt. Oder si hunn eng Ratsch an der Hand – eng Zort Holzkëscht mat enger Kierb un der Säit, déi e knadderegt Geräisch mécht. Fir hir Aarbecht ginn d'Klibberkanner mat Ouschtereeër, Séissegkeeten oder Sue belount.

De Brauch vum Klibbere staamt aus enger Zäit, wéi d'Leit nach keng Auer bei sech haten. D'Kiercheklacken hunn si net nëmmen un d'Mass erënnert. Si hunn och un en degglecht Gebied erënnert, d'Angelusgebied. Mä d'Klacke waren awer och déi gemeinsam Auer fir all d'Leit am Duerf. Wann si bei der Feldaarbecht d'Klacken héieren hunn, da wossten si, wéini et Zäit fir d'Mëttegiessen oder fir de Feierowend war.

An der Kuerwoch huet ee missen en Ersatz fir d'Klacke fannen, well wann op Gréngen Donneschdeg an der Mass de Gloria fäerdeg gesonge war, dann hunn d'Klacken opgehale mat lauden. Dann traueren d'Chrëschten an si denken un d'Leiden an un den Dout vum Jesus.

Eréischt op Ouschterdag lauden d'Klacken erëm. Wann an der Kierch de Gloria gesonge gëtt, geet et lass. All Klacke lauden, jidderee soll et héieren: Jesus Christus ass vun den Doudegen operstanen! Déi Gleeweg ginn sech d'Hand a wënschen sech frou Ouschteren.

[64] aus: „Vu Klacken, Klibberen a Kleeschen", Mein Buch der Luxemburger Feste und Bräuche; Säit 12 Herausgeber: Erwuessebildung, Luxemburg, éditions Saint-Paul, 2014

[65]



Die Klibberkinder

Es ist Karfreitag, 7 Uhr morgens: In den Straßen hört man Rufe, gefolgt von lauten Geräuschen. Die „Klibberkanner" sind unterwegs. Sie ersetzen das Läuten der Glocken, die in den Tagen vor Ostern schweigen. Man sagt, die Glocken flögen nach Rom und könnten daher unmöglich gehört werden.

In manchen Pfarreien übernehmen die Messdiener diese Aufgabe, in anderen machen sich Kinder, die sich freiwillig gemeldet haben, auf den Weg. Morgens, mittags und abends gehen sie durch die Straßen. Damit sie von allen gehört werden, benutzen sie die „Klibber". Das ist ein Brett mit einem Holzhammer, das hin und her geschlagen wird. Oder sie haben eine Ratsche in der Hand – eine Art Holzkiste mit einer Kurbel an der Seite, die ein knatterndes Geräusch von sich gibt. Für ihre Arbeit werden die „Klibberkanner" mit Ostereiern, Süßigkeiten oder Geld belohnt.

Der Brauch des „Klibberen" stammt aus einer Zeit, als die Menschen noch keine Uhren bei sich trugen. Die Kirchenglocken luden nicht nur zur Messe. Sie erinnerten auch daran, ein tägliches Gebet, das Angelusgebet, zu verrichten. Sie waren aber auch die gemeinsame Uhr für alle Dorfbewohner. Wenn sie etwa bei der Feldarbeit die Glocke schlagen hörten, wussten sie, wann es Zeit für das Mittagessen oder den Feierabend war.

In der Karwoche musste man einen Ersatz für das Läuten finden, denn wenn im Abendmahlgottesdienst am Gründonnerstag das Gloria verstummt ist, schweigen auch alle Glocken. Dann herrscht Trauer bei den Christen und man denkt an das Leiden und Sterben Jesu.

Erst zu Ostern läuten die Glocken wieder. Wenn die Gemeinde das Gloria gesungen hat, geht es los. Alle Glocken läuten, jeder soll es hören: Christus ist von den Toten auferstanden! Die Gläubigen geben sich die Hand und wünschen sich ein frohes Osterfest.

[65] aus: „Vu Klacken, Klibberen a Kleeschen", Mein Buch der Luxemburger Feste und Bräuche; Säit 13 Herausgeber: Erwuessebildung, Luxemburg, éditions Saint-Paul, 2014

[66]

Les enfants et leurs crécelles *(p. 10)*

Vendredi Saint, 7 heures du matin: On entend des appels dans la rue, puis de grands bruits. Ce sont les enfants qui défilent avec leurs crécelles. Ces dernières doivent remplacer les cloches qui se taisent pendant les jours précédant la fête de Pâques. On raconte qu'on ne peut les entendre parce qu'elles se seraient envolées à Rome.

Dans quelques paroisses, l'office des crécelles revient aux enfants de chœur, ailleurs elle est laissée à la bonne volonté des enfants. Matin, midi et soir les enfants déambulent dans les rues et agitent leurs crécelles pour être entendus de tous. Ces crécelles se composent de petites planches munies d'un marteau en bois que l'on actionne. Parfois il s'agit aussi d'un petit coffret en bois avec une manivelle qui claque et crépite quand on la tourne. Les enfants reçoivent des récompenses pour leur service. On leur donne des œufs de Pâques, des friandises ou de l'argent.

La tradition des crécelles remonte à l'époque où les gens n'avaient pas encore de montres. Les cloches des églises ne sonnaient pas seulement la messe, mais elles scandaient la journée en appelant à la prière de l'Angélus. Elles représentaient l'horloge commune à tous les habitants du village. Quand les gens étaient aux champs et entendaient les cloches, ils savaient que midi avait sonné ou que c'était l'heure du soir.

Il fallait remplacer les cloches pendant la semaine sainte. En effet, le Jeudi Saint, aussitôt après le «Gloire-à-Dieu» de la messe, un grand silence s'installe. Les cloches ne doivent plus sonner, car c'est un moment de deuil où les chrétiens se rappellent les souffrances et la mort de Jésus.

Mais au matin de Pâques on peut les entendre à nouveau. Dès que la communauté a fini de chanter le gloria, toutes les cloches se mettent à sonner à l'unisson. Chacun doit pouvoir les entendre: le Christ est ressuscité des morts! Alors les croyants se donnent la main et tous se souhaitent une heureuse fête de Pâques.

[66] aus: „Vu Klacken, Klibberen a Kleeschen", Mein Buch der Luxemburger Feste und Bräuche; Säit 54 Herausgeber: Erwuessebildung, Luxemburg, éditions Saint-Paul, 2014

D'Klibberen am Laf vun der Zäit bis an d'21. Joerhonnert: [67]

D'Klibbere selwer gouf an der Zäit a sech vu Massendénger (wat jo laang Joren och just Jonge waren) duerchgefouert. Heiansdo hat een dann als Jong mol d'Chance, vun de Massendénger beim Klibbere matgeholl ze ginn – mee dat war wierklech déi grouss Ausnam.

"Klibberjongen" zu Eechternoach, ëm 1990 [68]

Lues a lues sinn awer och Meedercher bäi d'Massendénger komm – sou vun den 80er Joren un konnten alt ëmmer méi Meedercher an den Dierfer bei d'Massendénger, éier hiren Déngscht den 11.07.1992 vum Poopst Jean-Paul II offiziell unerkannt gouf.

Also war et kloer, datt soubal Meedercher bei de Massendénger waren, déi och mat Klibberen hunn dierfe goen. Sou bemierkt een och, datt de Begrëff "Klibberjongen" sech lues a lues zum Begrëff "Klibberkanner" ëmgewandelt huet an hautdesdaags am Land ganz verbreet ass. A villen Dierfer sinn an der haiteger Zäit méi Meedercher wéi Jonge beim Klibberen aktiv.

Iewerleng, 1984 [69]

[67] Zesummestellung verfaasst vum Konsbrück Tanja (unhand vun den Äntwerten op de Froebéi, déi mir an der Massendéngerzentral als Réckmeldung erakruten).
[68] Foto: Sammlung „Eechternoacher Massdéiner"
[69] Foto: Privatsammlung Even Colette, Iewerleng

Beim Klibbere kann e feststellen, datt et och ëmmer méi üblech gëtt, datt Gesëschterkanner, déi net Massendénger sinn, mat dobäi sinn dierfen an dann awer och Schoulkanner, Schüler oder mol eemoleg Massendénger, déi dann dacks d'Roll vum "Gruppechef" iwwerhuelen. Et ginn och Dierfer, do si guer keng Massendénger an da gëtt d'Klibbere vu Schoulkanner (evt. Cycle 4.2.) "organiséiert" oder vun der Elterevereenegung, vu Scouten, vun der Kulturkommissioun asw.

Op ville Plazen ass et och ganz egal, ob ee fir aktiv beim Klibbere matzemaachen zur chrëschtlecher Relioun gehéiert, ob ee bei de Massendénger ass, ob een an der Katechees ageschriwwen ass oder ob een d'Kommunioun matgemaach huet oder net. Dacks sinn d'"Organisateuren" op den eenzele Plazen iwwerhaapt frou, wa si genuch Interesséierter zesummekréien, fir datt si d'Klibbere flächendeckend an hirem Duerf/hirer Gemeng ofgedeckt kréien.

Vill Kanner/Jonker sinn hautdesdaags dacks an e puer Veräiner an hire Kalenner ass dann zimmlech "ausgelaascht" oder si si ganz einfach a Betreiungsstrukturen ageschriwwen oder hiren Agenda léist et net zou, datt si op deenen Deeg, wou an der Karwoch geklibbert gëtt, mat dobäi si kennen. Villäicht ass d'Klibbere fir si net interessant/attraktiv genuch, d'Traditioun net genuch bekannt, si fannen et villäicht och "ze ustrengend" fir duerch d'Stroossen ze goen oder d'Elteren erlaben hire Kanner net, fir sech ze bedeelegen.

Wat iwwregens opfält: konnt een an de Schoulbicher vun der Primärschoul am 20. Joerhonnert nach deen een oder anere Liestext zum Klibbere fannen – sou ass an de Schoulbicher vun der haiteger Grondschoul just nach ee klengen Text am lëtzebuergesche Buch am Cycle 3. (an nach an enger gekierzter Form wéi nach am lëtzebuergesche Buch, dat an den 80er Joren an der Primärschoul benotzt gouf). Sou gouf jo dach awer d'Klibberen nach virun sou 50 Joer ganz sécher an de Schoulstonne méi thematiséiert (an dat souwuel vum Schoulmeeschter/der Joffer wéi och vum Här Paschtouer/Intervenants fir de Reliounsunterrecht, dee jo bis de Juli 2017 an der Grondschoul ofgehale gouf). An de Coure vum Reliounsunterrecht konnten déi Intervenants jo op allefall, wann iwwer d'Faaschtenzäit an hir Karwoch geschwat gouf, de Kanner vum Klibberen erzielen a si dann och ganz sécher motivéieren, fir an hiren Uertschafte Klibbergruppen op d'Been ze stellen. Hautdesdaags kann een an der Katechees natierlech och vum Klibberen erzielen, mee do ass awer de Probleem, datt een déi Kanner net sou reegelméisseg gesäit an datt och nach laang net all Kanner, déi an der Grondschoul sinn, och un der Katechees deelhuelen.

Et ginn och haut nach Uertschaften am Land, do dierf ee just mat klibbere goen, wann ee Massendénger ass oder/an un der Katechees deelhëlt. Do kann een awer feststellen, datt et wierklech vun Duerf zu Duerf ofhänkt an et am Land keng eenheetlech "Richtlinn" gëtt. Sou Entscheedungen an den Uertschaften hänken dach dacks vum Pastoralteam / Massendéngeresponsabel oder eeben de méi weltleche lokale Leit of, déi d'Klibbern "sur place" organiséieren.

Vill Gruppen huelen och Kanner beim Klibbere mat, wa si keng eege Klibber hunn. Etlech Responsabel hunn e Stock mat Klibberen, déi si dann un déi Klibberkanner ausléinen, déi keng hunn oder "Ex-Klibberkanner" léngen hir Klibber aus. Aktuell ass et zimmlech schwiereg, fir Klibberen am Land ze kafen (an dat nodeems mir 2019 erausfonnt hunn, datt eng grouss Supermarché-Chaîne keng Klibbere méi bei hirem

Fournisseur kritt). Duerfschräinere ginn et quasi keng méi. Am Handel fënnt ee mol nach déi eng oder aner, mee mir hunn eis virgeholl, mat "Ateliers protogés" an Holzateliere Kontakt opzehuelen, fir datt hoffentlech nees méi Klibberen hei zu Lëtzebuerg hiergestallt ginn. Gesinn d'Leit d'Klibberen an de Butteker, da gi si och nees éischter un déi awer dach schonn al Traditioun erënnert.

Op villen Dierfer mierkt een, datt grad an deenen 2 Deeg vum Klibberen (Karfreideg a Karsamschdeg) d'Klibbergruppe méi wéi "just duerch d'Stroosse klibbere ginn" um Programm hunn: zesumme "Moieskaffi", mol zesummen ze Mëtteg iessen, mee dann awer och de Klibberweenchen / d'Klibberkierf fir d'Ophiewen dekoréieren an dono de Klibberloun (dee meeschtens um Karsamschdeg Moien oder am fréien Nomëtteg agesammelt gëtt) deelen.

Eechternoach, +/- 1989: Stäerkung um Karsamschdeg no der Moiesklack am Dechenshaus [70]

Rued-Sir, 2019 [71]

[70] Foto: Sammlung „Eechternoacher Massdéiner"
[71] Foto: Privatsammlung Frank Marie-Josée, Rued-Sir

Walfer, 1996 [72]

D'Séissegkeeten an d'Ouschterär, déi beim Ophiewen agesammelt ginn, ginn iwwerall ënnert déi Kanner, déi beim Klibbere mat dobäi waren, gerecht opgedeelt. Heiansdo kennen d'Kanner hir "Lieblingssaache" auswielen an ob anere Plazen do gëtt einfach mat Hëllef vun Elteren, Massendéngerresponsabel, Verantwortlech... gedeelt.

Wat allgemeng opfält – a verschiddenen Dierfer kréien d'Klibberkanner beim Deele guer keng Suen (virun allem wann et "just" Massendénger sinn – do geet den Erléis vum Klibberen dacks an hir Keess an dono op den Ausfluch) oder d'Klibberkanner maachen mat de Suen een Don.

Et sinn awer och Plazen, do gëtt een Deel vun de Suen, déi opgehuewe ginn, gedeelt (z.B. 50 % fir d'Klibberkanner an da 50 % fir d'Massendéngerkeess oder fir een Don) oder d'Klibberkanner kréien ee "Maximalbetrag" (z.B. 30 €) an de Rescht geet an d'Massendéngerkees oder domat gëtt een Don gemaach. Da ginn et och Plazen, do gi si vum Erléis mol als éischt all zesummen iessen an da geet dat, wat iwwreg bleift, an d'Massendéngerkees oder et gëtt gespent. Dëst hänkt wierklech vun den Uertschaften of.

Sandweiler, 2016 [73]

Sandweiler, 2017 [74]

[72] Foto: Privatsammlung Rehlinger Guy, Helsem
[73] Foto: Fischer Monique, Sandweiler, 2016
[74] Foto: Fischer Monique, Sandweiler, 2017

Réi Är ginn et quasi keng méi. Vun engem Duerf aus dem Osten (Bech) ass bekannt, datt d'Klibberkanner owes no der Ouschternuechtfeier zesummen "Omlett" iessen an dann do zesummen de Klibberloun deelen. Fréier hu si do am Duerf och vill réi Är agesammelt, mee dat ass elo net méi. Esou geet déi Mamm, wou si dann owes virgesinn hunn, fir ze deelen, am Virfeld genuch Är akafen, fir datt d'Klibberkanner awer hir traditionell Omlett kréien. All Joer ass d'Deele kombinéiert mam Omeletteiessen" bei engem anere vun de Massendénger doheem.

Mëlleref, 2021 [75]

Hiefenech, 2019 [76]

Festgestallt gouf, datt et och nach Dierfer ginn, wou de Klibberloun um Ouschtersonndeg (moies) agesammelt gëtt! (Bigelbaach, Veinen).

Op ville Plazen deele Verantwortlech de "Klibberloun" an da kréien d'Klibberkanner dee Karsamschdeg owes, nodeems si d'Owesklack gelaut hunn, verdeelt oder si sollen en um Ouschterweekend an d'Mass siche kommen (hänkt natierlech och dervun of, ob dann an deem Duerf wou grad geklibbert gouf, eng Ouschtermass ass).

Sandweiler, 2021 [77]

[75] Foto: Cannivé Martine, Steesel, 2021
[76] Foto: Peters-Geiben Lucia, Hiefenech, 2013
[77] Foto: Fischer Monique, Sandweiler, 2021

Schued ass, datt an etlechen Dierfer keng Gottesdéngschter méi op Gréngendonneschdeg / Karfreideg / Karsamschdeg sinn. Dëst ganz kloer aus Mangel u Geeschtlechen, déi d'Déngschter an allen Dierfer vun hirer Par garantéiere kéinten. Dacks sinn déi Déngschter zentraliséiert an der Par (z.B. an der Parkierch oder maximal op 2 Plazen an der Par). Sou kann ee feststellen, datt quasi net méi um Gréngen Donneschdeg no der Abendmalfeier fir d'Owesklack an den Dierfer gelaut gëtt. Dat selwecht och fir d'Laude fir de Kräizwee (Karfreideg Nomëtteg) / Karfreidegliturgie (owes) oder fir d'Ouschternuechtfeier (owes).

Trotz allem ass awer ze bemierken: och wann um Karfreideg/Karsamschdeg kee Gottesdéngscht am Duerf ass oder souguer d'Kierch am Duerf desakraliséiert ass: d'Traditioun vum Klibbere gëtt versicht, oprecht ze halen. Sou ginn et Plazen, wou et fir d'ganz Gemeng organiséiert gëtt an dann eben d'Kanner sech fir déi eenzel Dierfer opdeelen an engagéiert Benevoller (Elteren, Massendéngerresponsabel, Leit aus der Kulturkommissioun, asw.) d'Kanner hin an hir féieren, datt sou flächendeckend wéi méiglech an hirer Gemeng geklibbert gi kann.

Konsdref, 2017
[78]

Gréiwemaacher, 2007
[79]

Rued-Sir, 2021
[80]

[78] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2017
[79] Foto: Privatsammlung Thiel Viviane, Gréiwemaacher, 2007
[80] Foto: Privatsammlung Frank Marie-Josée, Rued-Sir

Bemierkenswäert ass och, datt ganz motivéiert (eeler) Leit op eemol an hirem Duerf oder an hirer Gemeng nees versichen, datt iergendwéi am Duerf geklibbert gëtt a souguer da mol selwer, als warscheinlech fréier Klibberkanner, zur Klibber gräifen an ee Grupp "uléieren" a souguer aktiv begleeden.

[81]

Et kann een och bemierken, datt et Dierfer/Stied ginn, wou massiv Reklamm fir d'Klibbere gemaach gëtt: mat Flyeren an all Haushalt, an de sozialen Netzwierker, an der Kierch (de Paschtouer mécht "Reklamm" fir d'Bedeelegung um Klibberen); Publikatioun am Parbréif oder/an am Gemengebuet, Kooperatioun mat der Elterevereenegung / Schoulpersonal, Kulturkommissioun, asw.

An deenen Dierfer an eisem Land, wou geklibbert gëtt (queesch duerch d'Land gëtt nach geklibbert, allgemeng awer ass d'Traditioun op den Dierfer nach méi verbreet wéi an de Stied), do mierkt een ee groussen Enthusiasmus an ee grousst Engagement vun Elteren, Begleeder, Verantwortleche Leit an och u Kanner, Massendénger, Jugendlech. Dacks gi méi jonk Kanner vun Erwuessene begleet wéinst der Sécherheet am dach awer zouhuelende Verkéier. Op etleche Plaze ginn d'Klibberkanner vun Elteren/Verantwortleche bis an déi Stroosse gefouert, déi méi ausserhalb leien, fir datt sou flächendeckend wéi méiglech am Duerf geklibbert gi kann oder d'Klibberkanner ginn all zesummen, wéi hei op der Foto, mam Trakter/Unhänger duerch d'Duerf gefouert.

Hiefenech, 2016 [82]

[81] Sammlung: „Massendénger Gemeng Konsdref"
[82] Foto: Peters-Geiben Lucia, Hiefenech, 2016

Fir d'Sécherheet vun de Klibberkanner ginn et ganz flott Schëlter, déi d'Gemengen, wa si dat wëllen resp. ee vun den "Organisateuren vum Klibberen" bei de Gemengeverantwortlechen ufreet, dann opstelle kennen. An engems ginn d'Leit un d'Traditioun vum Klibberen erënnert an drop opmierksam gemaach.

[83]

Konsdref, 2019 [84]

Mutfert, 2021
[85]

[83] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2019
[84] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2019
[85] Foto: Feltes Serge, Mutfert, 2021

An de leschte Jore kann een awer feststellen, datt et Dierfer/Stied ginn, wou leider net méi geklibbert gëtt. Dacks ass et schwiereg, well d'Kanner a Betreiungsstrukture sinn an et dann zimmlech komplizéiert ass, fir datt si fir d'Klibberen op den Treffpunkt goe kennen oder eeben wann um Karfreideg Schoul ass (sou wéi 2021), da musse si scho moies fréi op de Bus fir an de Lycée/Schoul an/oder kommen och dann an der Mëttesstonn net heem.

Ass fir Karfreideg Vakanz, ass et leider awer och ëmmer erëm problematesch, well d'Elteren dann an d'Vakanz fueren an da guer net doheem sinn, wa geklibbert gi soll oder d'Kanner hunn aner Fräizäitaktivitéiten.

Ëmsou méi wichteg ass et, datt d'Klibberen als Traditioun geschützt gëtt an an de kommende Jore massiv "Ëffentlechkeetsaarbecht" (an dat op méi Sproochen) gemaach gëtt, fir datt dës flott, al Traditioun nach vill Jore bestoe bleift. Sou si mir elo vum Grupp "Lëtzebuerger Massendénger" der Meenung, datt mir all Joer mat eisem Plakat am Land op Klibberen um Karfreideg/Karsamschdeg opmierksam maache sollen (duerch eise Mail-Verdeeler mee awer och mat #klibberen2021 / #klibberen an de sozialen Netzwierker an och an der geschriwwener Press). [86]

[87]

An der Karwoch 2020 war "état de crise" – grousse Lockdown an an de Kierchen goufen och keng ëffentlech Gottesdéngschter gefeiert. Op Initiative vun der "Équipe Lëtzebuerger Massendénger" gouf "Klibberen 2020 Doheem" proposéiert. Séier gouf ee Flyer entworf an de sozialen Netzwierker gedeelt. Souguer déi grouss Press aus eisem Land gouf op d'Aktioun opmierksam. Et konnt ee feststellen datt souguer Leit hir Klibber um Späicher erëmgesicht hunn an zu de proposéierten Zäite vun doheem aus matgeklibbert hunn. Et war villäicht ee ganz bëssen "Normalitéit" zu der Zäit, wou d'Leit doheem waren a jo quasi keng Aktivitéiten haten. Spontan goufe vill Fotoen/Filmer an d'Zentral vun de Lëtzebuerger Massendénger gemailt, fir dat ganz besonnescht "Klibberen 2020" ze dokumentéieren fir an de soziale Medien mat #Klibberen2020doheem #klibberen2020 ze dokumentéieren.

Link op Youtube mat der "Playlist" zum Klibberen 2020:
https://youtube.com/playlist?list=PLv2l-p1u044fDW99iGc1cNLkVu1t_wOXm

[86] Sammlung: „Lëtzebuerger Massendénger"
[87] Sammlung: „Lëtzebuerger Massendénger"

Eechternoach, 2020 [88]

Steeën, 2020 [89]

[90]

Rouspert, 2020 [92]

Sandweiler, 2020 [91]

[88] Foto: Zimmer Luc, Eechternoach, 2020
[89] Foto: Dostert Marc, Steeën, 2020
[90] Screenshot : Tanja Konsbrück, 2020 - Sammlung: „Lëtzebuerger Massendénger“
[91] Foto: Fischer Monique, Sandweiler, 2020
[92] Foto: Privatsammlung abbé Schreiner Luc, Rouspert

Ob Klibberen 2021 wier – do war jidderee gespaant. Etlech Demandë koume schonn um Ufank vun der Faaschtenzäit an der Massendéngerzentral un an ëmsou méi flott war et, wéi mir eng positiv Noriicht kommunizéiere konnten, datt Klibberen 2021 – am Joer vun der aktueller Pandemie – stattfanne kéint. Natierlech alles an den aktuelle Sécherheetsmoossnamen.

Etlech Gruppen si "live" gaangen, anerer hu Videoen opgeholl, fir d'Leit nees un d'Klibberen erënneren. Mee och fir iwwer déi sozial Netzwierker ze klibberen, wa si eeben net goe konnten oder eebe well si net souvill Gruppe wéi soss duerch déi aktuell Moossnamen / Quarantän vu Klibberkanner zesumme kritt hunn a well um Karfreideg 2021 am ganze Land nach Schoul war.

Et gi Massendéngergruppen déi hunn aus Sécherheets-moossnamen 2021 op d'Klibberegoen verzicht an hunn dunn eeben virun den Déngschter bei der Kierch geklibbert, fir datt de Gebrauch net an de Vergiess kënnt.

Stad Lëtzebuerg-Belair, 2021 [93]

Et konnt een awer feststellen, datt op deene Plazen wou "live" geklibbert gouf mee awer och iwwer déi sozial Medien duerch kleng Filmzesummeschnëtter, d'Leit ganz frou waren (#klibberen #klibberen2021). Et sinn och Gruppen, déi sinn aus aktuelle Sécherheetsgrënn net ophiewe gaangen mee hunn de Leit verschidde Méiglech-keeten ugebueden, si awer ze belounen (z.B. eng Enveloppe beim Responsabel / an der Ouschtermass ofginn; Digicash; sech beim Responsabel mellen an da gouf de Klibberloun ewechgeholl / de Klibberloun op enger Plaz ofginn....) – an dat Leit hunn dat och wierklech gemaach an d'Klibberkanner goufe fir hiren Asaz belount.

Belounungskëscht bei enger Hausdier um Scheedgen, 2021 [94]

[95]

[93] Foto: Privatsammlung Loos Liliane, Lëtzebuerg-Belair
[94] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2021
[95] Sammlung: „Massendénger Gemeng Konsdref", 2021

2022 hu vill Gruppen, well d'allgemeng Restriktiounen nees méi labber waren, d'Klibberen an hiren Dierfer nees esou, wéi virun der Pandemie, duerchgefouert. Natierlech konnt ee feststellen, datt a verschiddenen Dierfer/Gemengen bal keng Klibberkanner méi matgemaach hunn a sou goufen d'Responsabel och nach ganz kreativ: mam Trakter duerch d'Gemeng klibbere gefuer oder d'Kanner mat Autoen a verschidde Stroosse vun der Gemeng gefouert. Et si souguer Gruppen (z.B. zu Veianen), déi hunn ukrainesch Flüchtlingskanner direkt ugeléiert fir beim Klibberen mat ze maachen.

[96]

Sandweiler, 2022
[97]

Trënteng – Ierseng - Réid, 2022
[98]

Link Youtube "Klibberen 2022": https://youtu.be/Xq6XhjiBlog

[96] Sammlung: „Lëtzebuerger Massendénger", 2022
[97] Foto: Fischer Monique, Sandweiler, 2022
[98] Foto: Privatsammlung Meyers Sébastien, Trënteng

“Aktuell” Klibberriff uechtert eist Land: [99]

Et kann ee feststellen, datt dat, wat d’Klibberkanner (Klibberjongen – mee dee Begrëff ass wierklech net méi vill am Land verbreet) déi eenzel Kéiere ruffen, wierklech ganz verschidden ass. Ganz dacks hänkt et vun der Géigend of, wou si wunnen an och vum Dialekt, deen do verbreet ass. Dobäi ass awer festzestellen, datt d’Klibberkanner dacks den Dialekt net méi schwätzen/kennen an esou dann awer déi läscht Joren de Ruff am Dialekt verluer geet.

Karfreideg / Karsamschdeg

Moies (Zäitraum 6.00 - 8.00 Auer):

Op ganz ville Plazen: D’Moiesklack laut!

Varianten (déi awer op dee +/- identesch mat deem wäit verbreete Ruffsaz sinn):

- Moiesklacke lauden!
- D’Moiesklack!
- D’Moiesgloack laut!
- ’t ass fir Mueresklack!
- Et laut fir d’Moiesklack!
- ’t ass fir d’Moiesklack, fir d’Moiesklack!
- Moiesklack laut (3x)!

Eemoleg genannt:

- *Gemeng Konsdref:* D’Moiesklack lett, stitt op dir Lett! *(am “Dialekt”, mee d’Kanner schwätzen net méi sou, dofir gëtt et elo a sech: D’Moiesklack laut, stitt op dir Leit!)*
- *Recken/Miersch:* D’Moiesklack laut, stitt op dir Leit!
- *Veinen:* Stitt op, ‘t ass Zéit! (3x)

Link Youtube: https://youtu.be/g1RJ2BUZVVY

Mëttes (Zäitraum 11.30- 12.30 Auer):

Op ganz ville Plazen: D’Mëttesklack laut!

Varianten (déi awer op dee +/- identesch mat deem wäit verbreete Ruffsaz sinn):

- Mëttesklacke lauden!
- D’Mëttesklack!
- D’Mëttesgloack laut!
- ’t ass fir Mëttesklack!
- Ët laut fir d’Mëttesklack!
- ‘t ass fir d’Mëttesklack, fir d’Mëttesklack!
- Mëttesklack laut (3x)!

[99] Zesummestellung verfaasst vum Konsbrück Tanja (unhand vun den Äntwerten op de Froebéi, déi mir an der Massendéngerzentral als Réckmeldung erakruten).

Eemoleg genannt:

- *Gemeng Konsdref:* D'Mëttesklack lett, gudden Appetit dir Lett! *(am "Dialekt", mee d'Kanner schwätzen net méi sou, dofir gëtt et elo a sech: D'Mëttesklack laut, gudden Appetit dir Leit!)*
- *Recken/Miersch:* D'Mëttesklack laut, gitt iessen dir Leit!
- *Veinen:* *- Karfreideg (11.30 Auer mam Jaudesstrauch) :*
  Jaudes, Jaudes, Spakkelduer, iwwermuer ass Usterdag!
  Link Youtube: https://youtu.be/DW7d2Rh-Egc
  - Karsamschdeg: 't ass Mëttig! (3x)

Link Youtube: https://youtu.be/AyRBKKqPZPk

Owes (Zäitraum 17.00 - 19.00 Auer):

Op ganz ville Plazen: D'Owesklack laut!

Varianten (déi awer op dee +/- identesch mat deem wäit verbreete Ruffsaz sinn):

- Owesklacke lauden!
- D'Owesklack!
- D'Owesgloack laut!
- 't ass fir Owesklack!
- Et laut fir d'Owesklack!
- 't ass fir d'Owesklack, fir d'Owesklack!
  Owesklack laut! (3x)

Eemoleg genannt:

- *Gemeng Konsdref:* D'Owesklack lett, gudden Nuecht dir Lett! (am "Dialekt", mee d'Kanner schwätzen net méi sou, dofir gëtt et elo a sech: D'Owesklack laut, gudden Nuecht dir Leit!)
- *Recken/Miersch:* D'Owesklack laut, gitt schlofen dir Leit!

Link Youtube: https://youtu.be/0T5o6hMYFDw

Karfreideg:

beim Laude fir de Kräizwee (Zäitraum 14.30 – 15.30): *(wou vill Gruppen net ginn, resp. wou och kee Kräizweegebiet méi an den Dierfer ugebuede gëtt)*

- fir d'éischt, fir Zweet an ze Haf!
- 't ass fir d'éischt, 't ass fir d'zweet, oflauden!

Eemoleg genannt:

Veinen: *"Dir Chrëste losst eech soen, d'Auer hott geschloen: ämol"*
"Dir Chrëste losst eech soen, d'Auer hott geschloen: ämol, zwämol"
"'t laut zu haaf'"(3x)

---

beim Laude fir d'Karfreidegliturgie (Zäitraum 18.30 – 19.30): *(wou vill Gruppen net ginn, resp. wou keng Karfreidegliturgie méi an den eenzelen Dierfer ugebuede gëtt, mee dacks just nach eng oder zwou pro Par ugebuede gëtt)*

- fir d'éischt, fir zweet an ze Haf!
- näischt ruffen, just klibberen!
- d'laut ze Haf

Eemoleg genannt:

- *Gemeng Konsdrëf: Am Fall, wou eng Karfreidegliturgie zu Konsdref an der Kierch ass: 3 Gruppen ginn "zäitversat" uewen am Duerf fort a lauden dann bis bäi d'Kierch:*
  d'lett ischt // d'lett zweet // d'lett ze Haf ! (am "Dialekt", mee d'Kanner schwätzen net méi sou, dofir gëtt et elo a sech: d'laut éischt// d'laut zweet // d'laut ze Haf!)
- *Veinen: "Dir Chrëste losst eech soen, d'Auer hott geschloen: ämol"*
  "Dir Chrëste losst eech soen, d'Auer hott geschloen: ämol, zwämol"
  "'t laut zu haaf'"(3x)

Karsamsdeg:

beim Laude fir d'Ouschternuechtfeier (Zäitraum 19.00 – 19.30 Auer): *(wou vill Gruppen net ginn resp. wou och keng Ouschternuechtfeier méi an den Dierfer ugebuede gëtt mee dacks just nach eng oder zwou pro Par ugebuede gëtt)*

- näischt ruffen, just klibberen!
- d'laut ze Haf

Eemoleg genannt:

- *Gemeng Konsdrëf: Am Fall, wou eng Ouschternuechtfeier zu Konsdref an der Kierch ass: 3 Gruppen ginn "zäitversat" uewen am Duerf fort a lauden dann bis bäi d'Kierch*
  d'lett ischt // d'lett zweet // d'lett ze Haf ! (am "Dialekt", mee d'Kanner schwätzen net méi sou, dofir gëtt et elo a sech: d'laut éischt// d'laut zweet // d'laut ze Haf!)
- Veinen: "Dir Chrëste losst eech soen, d'Auer hott geschloen: ämol "
  "Dir Chrëste losst eech soen, d'Auer hott geschloen: ämol, zwämol
  "'t laut zu haf' "(3x)

---

beim Ophiewen (am Laf vum Moien oder am Nomëtteg): (an deene meeschten Uertschaften ginn d'Klibberkanner am Laf vum Moien hire Klibberloun asammelen)

op ville Plazen:
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, muer ass Ouschterdag.
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, muer ass Ouschterdag.
Sangt dann Halleluia, sangt dann Halleluia,
muer ass Ouschterdag, muer ass Ouschterdag !

oder am Dialekt:
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, mar ass Usterdag.
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, ass Usterdag.
Sangt dann Halleluia, sangt dann Halleluia,
mar ass Usterdag, mar ass Usterdag!

Link Youtube: https://youtu.be/xkoq_UOTgQw
an am Medley vun 2022: https://youtu.be/6FecVwjMsQA

Aner Texter, déi gesonge ginn:
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, muer ass Ouschterdag.
Sangt dann Halleluia, sangt dann Halleluia,
muer ass Ouschterdag, muer ass Ouschterdag!
D'Klacke si fir Ouschterdag all fort,
do hu mir misste goen, do hu mir misste goen,
mir hu misste klibbere goen.
Vu moies fréi bis owes spéit,
dofir komme mir iech froen:
hunn är Hénger och geluecht?
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, muer ass Ouschterdag.

Izeg, 2019 [100]

oder:
Dik Dik Dak - Dik Dik Dag, muer ass Ouschterdag,
bréngt ons d'Eeër déi rout, déi wäiss, déi blo.

oder (eemol zu Itzeg genannt):
Ëerklack laut

oder:
geschwaten Text:
"Moie, mir säin voan den Eechternoacher Massdéiner. Mir kommen opheewen fäer d'Klibberen."

Eechternoach, 1985 [101]

Dobäi ass och festzestellen, datt et Dierfer ginn, wou d'Klibberkanner näischt Extraes ruffen oder einfach Schellen an dann eeben mat hirer Klibber klibberen. (z.B. Huldang)

Ouschtersonndeg (am Laf vum Moien):

Bigelbaach: Dik Dik Dag – haut ass Ouschterdag

Veinen: "Dir Leit, gëtt is di Är erous!
Di rutt, di wäiss an di blo, di rutt, di wäiss an di blo.
Alleluja, Alleluja!
Di rutt, di wäiss an di blo, di rutt, di wäiss an di blo!"

Link Youtube: https://youtu.be/082iNMboBBI

[100] Foto: Privatsammlung Gaffinet-Ersfeld Ariane, Izeg
[101] Foto: Sammlung „Eechternoacher Massdéiner"

Nimm vun de Klibberen duerch d'Land [102]

(Reiefolleg bei de Fotoen: wéi d'Nimm am meeschte genannt goufen)

Klangbespill-Video vun verschiddene Klibberen

=> *link Youtube:* https://youtu.be/7d9ab2VBlqM

Klibber

Jarr

Jaar

Ratsch

Zousätzlech Info:
„Jarr - Déi ass an der Kierch benotzt ginn, fir de Gong/Schellen ze ersetzen (Karwoch)" [103]

[104]

Klang => *link Youtube:* https://youtu.be/HU6pDDq0rzw

Ratsch

Klibber

Rassel

Dréiklibber

Jaar

Jarr

Zousätzlech Info: „RATSCH: fir déi méi Jonk, déi sech keng grouss Klibber leeschte konnten oder geierft haten, oder net gepackt hunn." [105]

[106]

Klang => *link Youtube:* https://youtu.be/RSaE4oZtZfo

---

[102] Zesummestellung verfaasst vum Konsbrück Tanja (unhand vun den Äntwerten op de Froebéi, déi mir an der Massendéngerzentral als Réckmeldung erakruten).
[103] Zitat: Colbach Jean, Hiefenech, 2021
[104] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2021
[105] Zitat: Colbach Jean, Hiefenech, 2021
[106] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2021

Himmerchen

Hummer

Hummerklibber

Kléck

Hammer

Klibber

Zousätzlech Info: „Hummer - *fir déi Allerklengst, huet net vill Geräicheffekt bruecht"* [107]

[108]

Klang vun engem "Himmerchen" => *link Youtube:* https://youtu.be/TFJ2DyaSpgQ
Klang vun zwee "Himmercher" => *link Youtube:* https://youtu.be/y47sI7nCKIs

---

Klibber

Dréiklibber

Beichel

Klabber

Rubbel

Scharp

Dréin

Jarr

Klibberkëscht

[109]

Zousätzlech Info: „Déi richteg Klibber (awer net dee Modell op Ärem Bild), déi aus Sperrholz gezammert, dacks vum Duerfschräiner gebaut, déi huet ee bis baussent Duerf héieren an déi huet engem wéi an den Ouere gedoen" [110]

Klang: Klibber lénks op der Foto => *link Youtube:* https://youtu.be/j2OL9CvxwKw
Klang: Klibber riets op der Foto => *link Youtube:* https://youtu.be/ml923ssl2Fg

---

[107] Zitat: Colbach Jean, Hiefenech, 2021
[108] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2021
[109] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2021
[110] Zitat: Colbach Jean, Hiefenech, 2021

Verschidde Klibberen:

mat aggravéierter Joreszuel 1866
Sammlung "Lëtzebuerger Massendénger"

111

112

Detail-Foto

113

Sammlung "Lëtzebuerger Massendénger"

114

Sammlung "Lëtzebuerger Massendénger"

111 Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref 2022
112 Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref 2022
113 Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref 2022
114 Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2022

Ugangs 20. Joerhonnert
(Privatbesëtz, Konsdref)
[115]

gebaut ëm 1905
Dimensiounen: 44 x 17 x 9 cm.
(Privatbesëtz, Hiefenech)
[116]

Ugangs 20. Joerhonnert
(Privatbesëtz, Angelsbierg)

[117]

[115] Foto: Mischel Sylvie, Konsdref, 2021
[116] Foto: Peters-Geiben Lucia, Hiefenech, 2021
[117] Foto: Conrad-Fohl Chantal, Angelsbierg, 2021

[118]

selwer gebaut, 1920
(Privatbesëtz, Iewerleng)
op der Foto 69 (S.41) am Asaz

70er Joren
(Privatbesëtz, Konsdref)
op der Fotoen 59 (S.34) an 78 (S. 46) am Asaz

[119]

60er Joren [120]
(Privatbesëtz, Bäertref)
op der Foto 56 (S.33) am Asaz

60er Joren [121]
(Privatbesëtz, Bäertref)
op der Foto 56 (S.33) am Asaz

---

[118] Foto: Privatsammlung Even Colette, Iewerleng
[119] Foto: Schiltz André, Konsdref, 2021
[120] Foto: Konsbrück Tanja, Konsdref, 2021
[121] Foto: Konsbrück Tanja Konsdref, 2021

Lénks: Mëtt 20. Joerhonnert
op der Foto 136 (S.74) am Asaz

Riets: +/- 1985
op de Fotoen 84 (S.48) an 136 (S.74) am Asaz

(Privatbesëtz, Konsdref) [122]

aus dem Joer 2018 (selwer hiergestallt vum Här Flory Rischette, Jonglënster) [123]

op der Foto 137 (S.74) am Asaz

